ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 17/10/2022

Rapport vun der 3. Alter-Kommissioun

06/2022

Presenzen

Present	Net present
KOEDINGER Robert RUEF Seth RUEF-VOGT Liselotte SCHARLÉ Corinne VOSMAN-KIEFER Diane WELTER Isabelle **Invités**: Marie SADLER & Patrick CINCIS (Commission des Jeunes Commune Helperknapp)	CARDOSO Suzana (ass net méi z'erreechen non-excusée) MATHEKOWITSCH Claude (excusée)

Ordre du Jour

1. Approbatioun vum Rapport 05/2022
2. Zesummenaarbecht Jugendkommissioun – 3te-Alter-Kommissioun
3. Rentnerfeier
4. Divers
5. Nächst Versammlung

Punkt 1 : Approbatioun vum Rapport 05/2022

- Approbatioun vum Rapport 5/2022 --> OK fir offiziell op de Site vun der Gemeng ze veröffentlechen

Punkt 2 : Zesummenaarbecht Jugendkommissioun – 3te-Alter-Kommissioun

Kluft tëschen Jong an Al ass ze grouss a mir sollten versiichen iwwert verschidden Aktivitéiten intergénérationnel zesummen ze schaffen. An dësem Kontext begréisse mir d'Marie Sadler an den Patrick Cincis vun der Jugendkommissioun vun der Gemeng Helperknapp.

Helperknapp, 17/10/2022

Iddien fir Aktivitéiten wieren:

- Bake wéi fréier; mat Sauerdeeg zesumme backen/kachen -> Bak- a Kachatelier
- Krëschtdagskiichelcher
- Kiermes am Duerf -> Kiermeshaam zervéieren
- Der Gemeng een Terrain froen fir do Hochbeeter unzesetzen
- Jonker féieren déi ëler Léit an d'Welt vun der Informatik a vum Internet an

Mir mussen ons Gedanke maachen iwwert:

- Ween ass de Public cible? Wat fir een Alter schwëtze mir un?
- Wat interesséiert si? A wat fir engem Beräich géife si un enger Aktivitéit deelhuelen?
- Ënnert wem senger Responsabilitéit géif dat Ganzt laafen?

D'Marie an de Patrick huelen dës Froen, Propose mat an d'Jugendkommissioun a ginn ons dann ee Feedback wat si dézidéiert hunn, wéi si dëst gesinn.

Punkt 3 : Rentnerfeier

- Wéini ass dee geneeën Datum vun der Rentnerfeier? Samsdes oder Sonndes?
- Ween trëtt op?
- Ween gëtt do agelueden?

Punkt 4 : Divers

- Ausflug ass gutt gelaaf. Et war eng super Ambiance ënnert de Léit.
- Kinoler ass gutt bei de Léit ukomm -> néien Datum am Fréijoer virgesinn
- Mir géifen nach eemol een Kino-Ausfluch organiséieren -> de Seth kuckt mol no Filmer
- Comémoratiounsfeier ass Sonnden, 09. Oktober 2022 um 10h30 zu Bruch bei der Kierch

Punkt 5: prochaine réunion

- **Ordre du jour:**
  - Approbatioun vum Rapport 06/2022
  - Organisatioun Kinoausfluch an/oder nächsten Ausfluch
  - Divers
- Mir treffen ons de **Méinden, den 20. Februar 2022 um Lëtschert.**